



mer Initiative geholl hunn -, fir all Betriber gëllt, datt mer d'TVA forfaitaire eropsetze vun 9% op 10%. Et kann ee sécher soen - den Här Etgen huet et ugeschnidden -, datt mer ounideem e bësse méi héich leien. Mä mir leien de Moment bei engem Taux vu 9,54%. Et hätt ee se also och kënnen nëmme schréttweis an d'Luucht setzen. Mir hu gemengt, datt an dëser Krisenzäit mer déi hallef Etapp géifen iwwersprangen an op 10% eropgoen.

„Esou schmaacht Lëtzebuerg“ - déi Campagne, déi 2008 a 2009 gelaf ass, wäert virugefouert ginn, wäert méi massiv virugefouert ginn, wäert virun allem e personale Suivi kréien, fir hei och richteg Impakter no baussen ze ginn.

Dat Ganzt mécht en Impakt vu plus ou moins 2,5 Milliounen Euro, déi mer direkt kënnen un d'Bauern a virun allem de Mëllechsektor ginn.

Derniewent hu mer eng Rei Mesurë geholl, déi net esou ze chiffréiere sinn, déi awer och wäertvoll si fir eis Landwirtschaft.

Éischtens huet de Finanzminister e Brëf un d'Bankeplaz gemaach, fir hei och Stundunge beim Erëmbezuele vun de Prëten ze accordéieren. Zweetens huet d'Steierverwaltung accordéiert, datt effektiv de Prinzip vun dem Méi-laang-Kucke vun den Avancementer, dem Bezuele vun den Avancementer ka lafen, esou wéi et ähnlech am Wäibausektor agesat gëtt. An derniewent, mengen ech, poche mer dorop, datt virun allem och an der Ëmsetzung vum Waassergesetz den Taux préférentiel fir d'Landwirtschaft och agehale gëtt. Och hei kann e gudde Präis erauskommen.

Derniewent - mengen ech - hu mer d'Ëmsetzung vun de communautäir Mesuren, déi een awer och net därer vergiessen. An hei, mengen ech, virun allem hei vun dëser Plaz aus en décke Merci u meng Servicer a meng Verwaltungen, déi ganz séier reagéiert hunn, fir hei déi eenzel Payementer virzeziien, esou wéi se elo och vun der Europäescher Kommissioun erlaabt gi sinn.

Dat heescht, éischtens d'Betribsprime, d'Prime unique, déi elo de 16. Oktober schonn ausbezuelte ka ginn, déi fäerdeg ass, déi an deenen nächsten Deeg wäert op de Konte sinn. Dat sinn ëmmerhi 24 Milliounen Euro, déi hei am Raum stinn. Dat si 70% vun där Prime, déi elo kënnt. Déi aner 30% kommen no. Dat ass d'Landwirtschaftsfliegerprime: 70%. Och déi gëtt ufanks November ausbezuelte. Och hei schwätze mer vun enger Zomm vu 6,2 Milliounen Euro. An drëtens ass et d'Indemnité compensatoire, déi am Januar 2010 ausbezuelte gëtt, an och hei hu mer e Chiffer vu 15,7 Milliounen Euro, déi op d'Konten vun eisen Acteuren vun der Landwirtschaft wäerte goen.

Et wäert dat hinnen hëllefen, an dëser schwieriger Zäit déi Liquiditéitsproblemer ze léisen, déi se hunn an e Sputt ginn, fir eng gewëssen Zäit och Zënsseszëne kënnen ze kréien.

Zréck zur Mëllechkris awer europawäit. De Moment, mengen ech, wësse mer, datt déi lescht Zuelen aussoen, datt mer an der Moyenne an Europa bei engem Mëllechpräis vu 25,77 Cent leien. Hei zu Lëtzebuerg leie mer dorënner. Mir leie bei 23,98 Cent de Moment. Mir kennen awer och aner Länner. Mir hu Lettland, déi de Moment bei 15,57 Cent nëmme leien. An der Belsch ginn 21,59 Cent bezuelt. A Frankräich leie mer relativ héich bei 29,95 Cent um Liter.

Dës Präisser sinn net héich genuch, se sinn ze niddreg. Mä et därer ee se op jidde Fall net mat deene vun 2007 vergläichen, do, wou mer bei 46-47 Cent louchen. An der Moyenne zwëschent 2000 an 2008 louche mer zwëschent 30 a 35 Cent um Liter. An ech mengen, dës Präisser, ëm déi 30 plus fënnf, wäerten och déi Präisser sinn, déi an Zukunft wäerte fir e Liter Mëllech bezuelt ginn.

D'Ofschafe vun de Mëllechquoten 2015 stellt d'Lëtzebuurger Regierung net a Fro. Dat huet se iwwerall betount an och op europäeschem Niveau iwwerall erëmginn,

datt d'Lëtzebuurger Regierung an dësem Beräich keen Zickzackkurs wäert fueren, eise Betriber net op där enger Säit ugebueden huet ze investéieren, eng Berodung ginn huet, wéi mer sollen no de Quote reagéieren, an elo erëm Zickzack fiert, fir zréckzekommen.

Mä mir sinn eis awer och bewosst, datt mer de Moment kuerzfristeg Mesurë brauchen, déi schnell gräifen niewent deenen nationalen, déi ech zitëiert hunn. Duerfir brauche mer also mëttel- a laangfristeg en No-Quote-System, dee muss entwéckelt ginn. Wéi deen ausgesäit, dat ass de Moment den „group high level“ amgaangen, deen eng éischte Kéier den 13. Oktober - also gëschter - zesumme war, ze diskutéieren.

Et soll an eng nei, an eng flexibel Regulatioun higoen um Mëllechsektor, déi sougenannten „new regulatory framework“, wéi se genannt gëtt, e Modell, dee muss entwéckelt ginn, deen zwësche Quoten an zwësche liberalem, fräie Marché läit.

Hei gëtt et eng Rei Modellen, déi de Moment analyséiert ginn. Ech mengen, datt och hei d'Experten eng propper Léisung wäerte fannen, fir an Zukunft déi richteg Präisser kënnen ze bezuelen, fir e gudden Deel vun der Mëllechproduktioun kënnen ze garantéieren, déi op engem ofgeschwate Präis ka funktionnéieren. An de Rescht kann dee Moment op de Marché goen.

Derniewent ass et awer och wichteg, datt eng Rei vu Mesurë geholl ginn, fir d'Roll vum Produzent an der Chaîne alimentaire ze stäerken.

An den Entscheedungen vun all deene Gremië muss mer selbstverständlech - et ass ugeschwat ginn - eng Plattform schafen, eng Aart Monitoringstell, wou all d'Acteuren vum Sektor vertraute sinn. Och dat, mengen ech, ass e wichtige Message, deen een no bausse soll ginn un d'Kommissioun an och un d'Présidence de Moment.

Kuerzfristeg, mengen ech, muss d'Kommissioun agéieren. Si huet et zum Deel gemaach. Si huet, fir d'Demande ze stabiliséieren, am Ganze 600 Milliounen Euro zur Verfügung gestallt. Si huet en Interventionsopkaf vu Botter a Mëllechpulver gemaach. Si huet an Exporterstattungen investéiert. Dës Zomm ass direkt op de Maart komm, fir ze probéieren ze stabiliséieren. En huet sech licht stabiliséiert - net genuch, wéi mer alleguer wëssen.

Derniewent hu mer als Grupp vun 21 Länner e ganz staarke Pabeier ausgeschafft, wou mer eis an der Tëschenzäit schonn dräimol gesinn hunn, fir dës Pabeier och massiv der Kommissioun an der Présidence ze ënnerbreeden. An dësem Grupp si selbstverständlech déi Länner net dobäi, déi dës fräie Marché sichen. Et ass net dobäi Schweden, et ass net dobäi Dänemark, et ass net dobäi England an et ass net dobäi Holland.

Dës Pabeier - mengen ech - gëtt awer der Kommissioun déi nëideg Méiglechkeeten, fir och hei eng Rei Iddië mat opzegräifen: d'Ausdehnung vun der Interventionsperiode zum Beispill; weider Exporterstattung fir Botter, Mëllechpulver a Kéis; d'Stärkung vun der Nofro vun de Mëllechprodukter, zum Beispill de Schoulmëllechprogramm oder déi Promotiounsaktiounen, déi mer am Moment hei zu Lëtzebuerg scho matkréien, wou fir d'Mëllech zesumme mat enger Rei Producteuren derniewent Promotioun gemaach gëtt.

A virun allem, an dat ass eng nei Fuerderung, déi mer hunn zesumme mam Parlament, d'Zurverfügungstellung vun engem Zousazkredit vun 300 Milliounen Euro, dee sougenannten EU-Mëllechfond, fir direkt national de Bauere kennen ënnert d'Äerm ze gräifen. Hei erhoffen ech mer de Méindeg e kloert Signal säitens der Kommissioun no baussen, datt mer och hei déi richteg Kommunikatioun maachen. Et ass wichteg fir den Dossier. Et ass och wichteg, fir d'Situatioun de Méindeg am Grëff ze behalen.

Ech mengen zum Schluss, datt eis Landwirtschaft eng schwéier Zäit duerchgeet, derniewent och aner Secteuren. Mä mat Sécherheet ass de Mëllechsektor deen, deen de Moment am déckste betraff ass niewent deem vum Käresektor.

D'Fro war hei gestallt no der Analys vun de Präisser. Mir hunn déi Analys gemaach. Mir komme beim Mëllechsektor - hei ginn d'Meenungen ëmmer erëm ausereen -, mä eis Leit haten opgrond vun dem Berechnen vun all de Primen, déi séier hu missen ausbezuelte ginn, just Zäit, fir de Mëllechsektor auszurechnen. Hei gi mer vun Déchetes aus fir 2009 héichgerechent op eng Moyenne vun 2000 bis 2008 vu 14 Milliounen Euro fir dee ganze Sektor, wat de Mëllechsektor betrëfft. Déi aner Voleté wäerte mer elo maachen, wa mer déi eenzel Subventiounen ausbezuelte hunn a wa mer Zäit kréien, och dës Sektor ze analyséieren.

Wat de Problem ugeet, deen den Här Clement vum Wäibau ugeschwat huet, och hei hunn ech meng Kontakter opgeholl a probéieren, mam Sektor zesummen eng Léisung ze fannen. Ech mengen, mir hunn och d'Méiglechkeet, eis erëm zesummenzusetzen, fir hei déi Léisung ze fannen, déi Dir och ugeschwat hutt. Dat wär och gutt fir dës Sektor, dee Gott sei Dank dëst Joer mat enger exzellenter Qualitéit vu Wäin virun allem kann ophorche loosse.

D'Regierung wäert an Zukunft och d'Landwirtschaft virun allem an dëser Kris beschteens ënnerstëtzen an och déi aner Secteuren am A behalen. An dem Pakt, dee mer gemaach hunn, hu mer och gesot, datt mer 2010 eng Analys vun deenen eenzelne Secteuren wäerte maachen.

Awer mer dierfen och net vergiessen, a mer sollen dat rappeléieren, datt am Fong eis Landwirtschaft exzellent opgestallt ass an eis Betriber nom „health check“ vun der PAC massiv berode goufen, fir sech deenen neien Défien ze stellen. Dëst hu se och duerch Investissementer gemaach. Mir mussen hinnen an dëser Zäit hëllefen, dës Investissementer an där schwieriger Zäit erëmzebezuelen.

Vun der Gréisst vun de Capacitéiten an dem Ertrag hier hu mir eng Landwirtschaft, déi an deenen nächste Joren um europäeschen an um internationale Maart kann a wäert iwwerliewen a konkurrenzfähig wäert bleiwen. D'Begeeschterung an d'Ideologie vun eise Baueren, a virun allem eise Jongbaueren, an och nei Fäll, déi mer an deene leschte Woche vu Betriebsgrënnung oder Betriebsiwwernahm signaliséiert kruten, gi mer Hoffnung, datt mer och an dësem Sektor wierklech en neien Élan, en neien Opdriff erëmfonnt hunn.

Dem Här Colombara wollt ech just bemierken, datt ech selbstverständlech zu all senger Iwwerleeunge stinn, wat d'Konsumente betrëfft, datt mer erëm solle méi op Qualitéitsprodukter higoen. Ech wollt him direkt soen, datt ech de Bauerstand aneschtens gesinn, well ech éischtens op engem Duerf liewen, an enger Gemeng liewen, an enger Regioun liewen, wou ech all Dag mat hinnen ze dinn hunn a mat hinne liewen a gesinn, wéi se vu moies bis owes hir Aarbecht exzellent maachen an déi zwee Défii vun enger qualitativer héichwäerteger Produktioun, awer och virun allem enger gudder Landschaftsflieg realiséieren.

An dësem Sënn kommen Är Wiederer mer an d'Ouer eran an ech wäert se mat Sécherheet och viru mat eriwwerdroen.

Mäin Appel geet op dëser Plaz dann och zum Schluss un de Konsument, de Konsument, dee sech muss bewosst ginn, datt mer mussen an Zukunft de Choix maachen zwësche Produkter vu Qualitéit a Produkter, déi manner kaschten.

Mir mussen bereet sinn, fir héichwäerteg Produkter de richtige Präis ze bezuelen, a mir mussen derniewent awer och eise Mëllechbaueren, eise Produzenten garantéieren, net nëmmen an der Mëllech, mä och an deenen anere Secteuren, datt déi Suen, déi mer méi froen, wou de Konsument och bereet ass, se ze bezuelen, och direkt kënnen u si virugoen. Duerfir och déi richteg Remarque, wat de Konsumenteschutz betrëfft, datt mer och hei mussen Signaler kréien, datt déi Suen, déi méi bezuelt gi fir e Produkt, och kënnen virugi ginn.

Ech mengen zum Schluss, zesumme mat alle Kollegen aus der Regierung an och dem Parlament, wou ech begrëssen, datt mer de Mëtteg eng Motioun haten, déi bal vun alle Parteie gedroe gouf, ass et wichteg, datt mer no baussen e Signal

ginn, datt d'Politik hannert der Landwirtschaft steet.

Ech mengen, eis Landwirtschaft huet an deene leschte Jore bewisen, zu wat se fäeg ass, zu wat fir Produkter se fäeg ass, zu wat fir enger Aarbecht datt se fäeg ass, an an deem Sënn, mengen ech, hoffen ech, datt mer séier duerch dës Kris kënnen kommen, esou wéi an deenen anere Secteuren.

Ech wäert mech engagéieren, fir och an Zukunft, net nëmmen no 83 Deeg, mä och no fënnf Joer kënnen e proppere Bilan ze hannerleeën.

Ech soe Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Minister Romain Schneider Merci. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss, a mir kéimen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun vum Här Negri. Den Här Kox huet nach d'Wuert gefrot.

**Motion 1**

► **M. Henri Kox (déi gréng).** - Ma, ech wollt nach kuerz Stellung huelen zu der Motioun. Aus grënger Siicht si mer wuel averstane mat de Considéranten an och mat den Inviten hei vun där Motioun, insbesondere wat déi konjunkturell Problemer vun der Landwirtschaft de Moment ugeet. Eis feelen awer Elementer iwwert déi längerfristeg strukturell Problemer. Duerfir kënnen mer déi Motioun hei net matstëmmen a wäerten eis dobäi enthalen.

Merci.

► **M. le Président.** - Gutt. Kann ech déi Motioun par main levée zum Vote stellen?

**(Assentiment)**

**Vote**

Wien ass mat där Motioun d'accord?

Wien ass dergéint?

A wien enthält sech?

Domadder wär d'Motioun 1 ugeholl.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 5865, en Ofkommen mam Laos am Kulturbereich. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et ass bis elo ageschriwwen: d'Madame Dall'Agnol. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorel Madame Martine Mergen. Madame Mergen, Dir hutt d'Wuert.

**4. 5865 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République Démocratique Populaire Lao dans les domaines de la culture, de l'enseignement supérieur et de la recherche, signé à Vientiane, le 16 octobre 2007**

**Rapport de la Commission de la Culture**

► **Mme Martine Mergen (CSV), rapportrice.** - Merci, Här President. Dir Damen an Dir Hären, wéi Der aus dem Intitulé vum Projet gesitt, sinn et iwwermuer genee zwee Joer hier, dass ons Regierung an der Persoun vun onsem Fraktiounschef dës Kooperationsaccord zu Vientiane ënnerschiwwen huet. Als Gebuertsdayscadeau géif ech lech also haut bieden, dass Der dës Projet matstëmmt.

De Projet gouf den 9. Abrëll 2008 vum Ausseminister déposéiert. Den 18. Februar 2008 huet déi frëier Kulturkommissioun de Projet an den Avis vum Conseil d'État vum 17. Februar ënnersicht a mech Rapporteur genannt.

Den 2. Abrëll huet déiselwecht Kommissioun de Rapport ugeholl, mä de Projet huet et virun de Wahlen net méi op den Ordre du jour vun der Chamber gepackt. Den 1. Oktober dëst Joer schliesslech huet déi nei Kulturkommissioun mech als Rapporteur confirméiert an et ass e Rapport complémenteire ugeholl ginn, esou dass mer haut schliesslech kënnen ofstëmmen.

Ech wäert elo ganz kuerz dat Land virstellen an och den Intérêt, deen déi zwee Länner un dëser Entreprise hunn. En fait gëtt et schonn Ofkommen am Domän vun der Kooperatioun. De Laos ass säit 2000 e Pays cible vun de Lëtzebuurger Efforten an dësem Domän. Dësen Accord ass also, esou





wéi de Conseil d'État dat och a sengem Avis seet, eng Verdéiung vun de Relationen an e komplementären Aktivitéitsberäich.

De Laos ass ähnlech wéi Lëtzebuerg während Jorhonnerten als Pays tampon an als Schachfigur vu senge mächtigen Nopeschlänner gebraucht ginn. Doduerjer war en ëmmer erëm an hir Kricher verweéckelt. Dat ass schonn emol eng éischt bedeitend Gemeinsamkeet tëscht dem Laos an onsem Land. Et huet eng multiethnesch Populatioun: Austro-Thai, Mon-Khmer an Tibetobirmanen.

Am 14. Jorhonnert huet sech dat éischt Land, dat een als Virgänger vum heitege Laos kéint bezeichnen an dat deem Gebitt och méi oder wéineger entsprécht, gebilt. Dat war Lan Xang, d'Land vun der Millioun Elefanten. Et gëtt och hei fir d'éischt dat Wuert Laotesch fir d'Sprooch an d'Populatioun gebraucht. Statsreligion vum Land war de Buddhismus.

Während engen 300 Joer huet sech Lan Xang méi oder wéineger unifiziéiert gehalten. De leschte Kinnék huet während 57 Joer geherrscht. Dat war dat goldent Zäitalter. Wéi hie gestuerwen ass, do ass d'Land awer éclatéiert. Et ass tëscht den Influenze vun Annam, Vietnam - also Siam - a Burma opgeriwwe ginn, a verschidde kleng Fürstentümer hunn als Tributärer vun hire groussen Nopere gestruwelt fir d'Iwwerliewen an och ëmmer erëm am Kampf ënnerenaner. Eng Identitéit vu Laos ass et an deem Sënn net ginn. 1985 schliesslech war quasi dat ganz Gebitt ënner siamesescher Protektioun.

Siam huet Laos als Puffer benotzt géint déi wuessend Influenz vun de Fransousen am Vietnam an der Indochine. Et ass dunn zu engem Influenzkampf tëscht de Fransousen an den Thailänner iwwert déi Territorie komm.

1907 kënnt d'Land östlech vum Mekong zu Frankräich, d'Gebitt westlech dovun zu Thailand. Den Numm Laos ass och do fir d'éischt gebraucht gi fir d'Land, fir déi franséisch Gebidder, wahrscheinlech als Mehrzahl vu Lao, déi franséisch Mehrzahl mat engem „s“, well et den Zesummeschloss vun deene puer laotesche Kinnekräicher war.

Laos war Frankräich awer ni besonnesch wichteg, ausser eben erëm als Pufferstat zum britesche Burma an dem britesch influenzierten Thailand. Den Intérêt louch haaptsächlech am Vietnam an zu Tonkin.

De Mekong gollt als net schëffbar. Et gouf keng wäertvoll Metaller an ze vill Bierger fir Plantatiounen am grouse Stil. D'Exporter aus dem Laos hunn nëmmen 1% vun de franséischen Exporter aus der Indochine duergestallt, an dee lukrativsten dovun war den Opium.

1945 hunn d'Japaner dat franséisch Indochina besat. Während dëser Besatzung hu sech fir d'éischt zwou Fraktiounen gebilt, eng pro Frankräich an eng fir d'Onofhängegkeet vum Laos, wann dann emol d'Japaner erëm ofgezu wäeren, wat och 1945 passéiert ass.

Dee Konflikt, dee sech dunn awer ëmmer méi kloer gestallt huet, dat war tëscht de Franséisch-Treien an den Nationalen, sougenannten Nationalen, déi sech fir d'Onofhängegkeet vum Laos agesat hunn. Dës goufe méi a méi influenziéiert vum Ho Chi Minh senge Viet Minh. 1953 hunn d'Fransousen de Laos goe gelooss, well se hir Efforté méi a méi an de Vietnam, an deen anere Krich, gepompelt hunn.

Dës souwéi den amerikanesche Krich am Vietnam hunn dann och déi weider Geschicht vum Laos geprägt, an et ass an dee Konflikt do mat eragezu ginn. De prokommunistesche Pathet Lao an déi konservativ RLG hu sech innerhalb vum Laos bekämpft, mat jeeweilegen Ënnerstëtzunge vum Nordvietnam an den Amerikaner, an et waren och nach eng Rei aner Länner, déi matgespillt hunn. Et gouf nëmmen eemol eng Regierung vun der nationaler Eenheet mat deenen zwou Parteien, déi ganz kuerzliweg war. D'Interventiounen vun deenen anere Länner waren iwwregens allequerte géint d'Ofkommen, déi op der Genfer Konferenz getraff gi waren.

Vu 1964 bis 1973 war Laos e Schlachtfeld an engem Krich, dee bis haut Guerre secrète genannt gëtt, well dës Kämpf net

opgeschéngt sinn an iergendwelche Communiquéen: Den Asaz war an den USA „highly classified“. D'Amerikaner haten eng clandestine Arméi opgestallt. D'Piloten, déi vun hinnen ofgestallt goufen an an de Laos jo geschéckt goufen, hunn hir Asätz an Zivilleedung geflunn. D'Nordvietnamesen op där anerer Säit hu sech dës Méi net ginn, mä an hiren Uniformen de Pathet Lao ënnerstëtzt. Et waren eng 67.000 am Joer 1969.

Laos huet bei de Bombardementer - bei den amerikanesche Bombardementer - wäit méi Bomben ofkrut wéi de Vietnam. Och dee berühmten Agent orange ass agesat ginn an ass haut nach Basis vu villem Misär, haaptsächlech bei der Landbevölkerung. 1973 huet d'Secret air force all aacht Minutten, an dat 24 Stonne pro Dag, eng ganz Avionsladung Bomben ofgelueden. Dat huet d'Amerikaner pro Dag zwou Milliounen Dollar kascht.

Trotz massivstem Materialasaz hunn d'Allianz, USA, Hmong an Thai, um Terrain verluer. 1973 hunn d'Amerikaner ugefaangen, sech aus dem Vietnamkrich, deen esou gutt wéi verluer war, erauszeverhandelen. 1974 schliesslech ass dee leschten amerikanesche Fliger iwwert de Mekong an Thailand zréckgeflunn.

Dat Joer drop gewënnt d'Laotesch Patriotesch Front d'Wahlen. D'Monarchie gëtt ofgeschaf an eng Demokratesch Volleksrepublik Laos proklaméiert. Dozou huet gehéiert, wat een och aus anere kommunistesche Länner aus där Zäit kennt: Verstaatlechungen, Landwirtschaft a Kolchoseform, Campé fir d'Oppositioun ze réedukéieren. An zu där Zäit gouf et och alt erëm massiv Flüchtlingswelle vu Leit, déi virun der Repressioun an Thailand geflücht sinn. Eng 300.000 Laoten, dat waren 10% vun der Populatioun vun deemools, hu sech aus hirem Land dovugemaach a sech am Ausland néiergelooss.

Deen neie Machthaber huet vun 1980 un op eng ganz verstänneg an offen Aart a Weis reagéiert. Et koom zu enger wirtschaftlecher a politescher Ouverture; et koom zu enger Unnäherung un de groussen Noper Thailand. Säit 1991 gëtt et eng Constitutioun, déi zwar den Eeparteiesystem bäibehält, awer mat méi demokratesche Rechter fir d'Bierger. Säit 1999 kennt de Laos e virsiichtge Wirtschaftswuesstum, am Géigesaz zum Wirtschaftsboom an Thailand mat all sengen Avantagen an Désavantagen.

Et ass awer nach ëmmer en aarmt Land. 30 bis 35% vun de Leit liewen ënnert der Aarmutsgrenz. Et gëtt Ongläichheeten, haaptsächlech geographescher Aart. Déi ethnesch Minoritéite liewen isoléiert an de Bierger an hu wéineg Accès zur Éducatioun, zur Gesondheet, zum Transport an zum Handel. Déi allgemeng Liewenserwaardung läit bei 55 Joer, d'Duerchschnittsakommes bei dräi Dollar pro Dag.

D'Landwirtschaft stellt nach ëmmer 49% vun der Ekonomie a beschäftegt 80% vun der Bevölkerung. Obwuel de Laos méi en echt Bild duerstellt vun deem allen Indochina wéi seng Nopeschlänner, an Touristen, déi de Wee dohi fannen, ëmmer erëm begeeschtert sinn, feelt et massiv un touristeschen Infrastrukturen. Esou ass Tourismus ee vun deene Gebidder, wou Lëtzebuerg via Lux-Development hëlleft, Projeten ze finanzéieren. Säit 1997 ass Laos Vollmember vun der ASEAN a vun der Association internationale de la francophonie.

Hei komme mer och erëm op eng Gemeinsamkeet vun onsen zwee Länner. Laos ass Partner bei Erasmus Mundus, an ee vun deene wichtege Voleté vun der kultureller Zesummenaarbecht soll dann och um Niveau vun der Héichschoulbildung leien, wat duerch déi gemeinsam Sprooch sécher méi einfach ass.

Laos ass also net nëmmen e strategesch wichtege Partner an dëser Géigend vun der Welt, mä Lëtzebuerg huet sech bis elo am Kader vun der Zesummenaarbecht dohannen zimlech beléift gemaach.

Frënn vu mer, déi méi oft do sinn, wëssen, dass Lëtzebuerg fir vill Laoten e Begrëff ass - wat een zu Paräis net ëmmer ka behapten. Et gëtt e Spidol, dat mer mat opgeriicht hunn, benannt no onser Grande-Duchesse Maria Teresa, an onst Land ass insgesamt am Laos fënneft- oder sechst-

gréisste bilateralen Donateur. Ech mengen, och dat ka sech weise looszen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech bieden lech also, dëst Gesetz haut ze stëmmen, esou dass et méiglech gëtt, komplementär zur Kooperatioun a Wirtschaft, Landwirtschaft, Gesondheet an Tourismus dee kulturelle Volet mat ofzedecken, an d'Relatioun mat dësem sympathesche Land, dat grad wéi mir säin eegene Wee no jorhonnertelaange Kricher fonnt huet, nach auszebauen an ze verbeseren.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen der Madame Mergen Merci. Well d'Madame Mergen esou komplett war, ass soss keng Riednerin a kee Riedner méi agedroen. Ech huelen un, datt d'Regierung och mat der Madame Mergen d'accord ass. Domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss.

Leider kënne mer weinst engem technesche Problem am Moment net stëmmen. Ech géif lech duerfir proposéieren, datt mer dat géife méi spët maachen a mer elo emol mat eisem Ordre du jour virufueren. Als nächste Punkt vun eiser Dagesuerdnung hu mer den zweete Vote constitutionnel vum Projet de loi 5588, eng Ofännerung vum Code pénal. De 6. Mee 2009 hat d'Chamber eng éischte Keier heiriwwer ofgestëmmt. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den Här Gilles Roth.

## 5. 5588 - Projet de loi portant

### 1. réglementation de quelques méthodes particulières de recherche

### 2. modification de certaines dispositions du Code pénal et du Code d'instruction criminelle (Second vote constitutionnel)

► **M. Gilles Roth (CSV), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer kuerz, d'Wuert am Kader vum dem Projet de loi 5588 ze huelen. Dës Gesetzesprojet ass op en Neits op der Tagesordnung vun der Chamber. De Gesetzesprojet gouf wéi gesot eng éischte Keier vun der Chamber de 6. Mee dëst Joer gestëmmt. Den 19. Mee hat de Statsrot awer d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel refuséiert.

A sengem Refus gëtt de Statsrot kee spezifesch Grond un. De Statsrot verweist villméis op seng Avisen, déi en zu dësem Projet gemaach huet. De Refus vum Statsrot dierf sech wuel dann ëm seng Observatiounen handeln, déi hie géigeniwwer dem ursprüngleche Regierungstext am Kader vun der Unhéierung vun engem verdeckten Ermëttler gemaach hat. De Gesetzestext gesäit vir, dass de verdeckten Ermëttler ënner enger falscher Identitéit kann aussoen an dass dobäi seng Stëmm verännert gëtt. De Statsrot war der Meinung, dass domat e Prezedenzfall vun engem Témoignage anonyme géif geschaf ginn.

Dat Ganzt war effektiv en delikate Punkt an dem Gesetzesprojet. Et geet dorëms, fir de richtigen Équilibre ze fannen tëschent engersäits enger effikasser Kriminalitéitsbekämpfung an dem Schutz vun der Person vun dem verdeckten Ermëttler, mä gradesou op där anerer Säit d'Recht vun dem Beschëllegten op e fairen a kontradiktorech gefouerte Prozess, an dobäi ageschloss de Respekt vu senger Verteidigung.

Den Text, deen zum Schluss vun der Commission juridique zréckbehalde gouf an esou vun enger Majoritéit am Plenum guttgeheescht gouf, dréit der Jurisprudenz vun dem Europäesche Mënscherechtsgerichtshaff Rechnung. Dësen Text berout op dem franséische Code de procédure pénale.

Ech ginn net méi am Detail op déi eenzel Elementer an, déi de 6. Mee des Längeren an des Breeden hei diskutéiert goufen. Ech géif lech bieden, den Text an dësem zweete Vote nach eng Keier ze stëmmen. Hien huet d'Approbatioun vun der CSV-Fraktioun an ech soen lech Merci fir d'No-lauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Gilles Roth Merci. Och hei leie mer keng Wuertmeldunge vir, sou datt ech lech och do géif proposéieren, datt mer méi spët iwwert dës Projet de loi an engem zweete Vote constitutionnel ofstëmmen.

Mir kommen dann elo zu der Question avec débat N°1 vum Här Jean Colombara iwwert d'Impfung géint d'Gripp H1N1. Den Auteur vun der Fro huet fënnf Minutten Zäit fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister seng Zousazfro virzedroen. Der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Colombara, Dir hutt d'Wuert.

## 6. Question avec débat N°1 de M. Jean Colombara au sujet de la Campagne nationale de vaccination contre le virus de la grippe porcine type A/H1N1

► **M. Jean Colombara (ADR), auteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Schwéngsgripp, ech weess net, ob dat Wuert als éischt oder als zweet an der Hitparad vun deene meescht ugewannte Wieder kënnt. D'Kris an d'Schwéngsgripp hunn d'lescht Joer d'Une ausgemach.

Mir hu ganz vill déi lescht Joren iwwer Mikroben héieren. Et ass ugaangen den 11. September mam Anthrax. Et ass virugaange mam BSE. Et goufe ganz vill Déiere geschluecht. Du koom de SARS, du koom d'Maul- und Klauenseuche. Op eemol koom d'Vullegripp. Do si ganz vill Vulle geschluecht ginn, Inten. Et ass den Tamiflu agefouert ginn. An op eemol war d'Vullegripp fort, einfach duerch ee Wonner. Et weess keen, firwat. An du koom dann d'Schwéngsgripp op d'Tapéit, 15 Kilometer a mexikaneschem Territoire, niewent engem Laboratoire, enger Filial vum Laboratoire Baxter ass plötzlech en neie Virus entstanen.

An engem Parcours du combattant ass de Virus iwwer Mallorca duerch d'ganz Welt gereest. An elo si mer an där Situatioun, dass mer et mat engem Virus ze dinn hunn, dee relativ anodin ass, an et ass décidéiert ginn, fir elo ze impfen. D'WHO, d'Weltgesundheitsorganisatioun huet décidéiert, fir d'Pandemiestuf 6 auszeruffen, an elo ass jiddweree gefuerdert, fir ze impfen.

Natierlech, hei a Lëtzebuerg ass et net obligatoresch. Ech géif soen, et ass gutt esou. Mä et muss ee sech d'Fro stellen: Firwat? Wat ass den Interessi vun esou enger Vaccination de masse géint ee Virus, dee relativ anodin ass?

Wéi gesot, et ass kee geféierleche Virus, Dir Dammen, Dir Hären, mä d'Ministeren, d'Gesondheitsministeren, déi zesummekomm sinn, déi drängen elo drop, dass mer eis sollen impfe looszen. Firwat? Mam Argument, dass, wa vill Leit krank géife ginn, dann dee Moment d'Wirtschaft a Gefor géif kommen, well déi Leit, déi krank sinn, et ass jo bekannt, déi maache keng Aarbecht. An dofir soll jiddweree sech impfe looszen.

Elo stellen ech lech awer d'Fro, där honorerabeler Assemblée hei: Wat geschitt dann, wann zoufälleg déi saisonal Gripp optaucht? Do ass jo awer kee geimpft. Ech mengen, wat geschitt dann, wa jiddwereen d'saisonale Gripp kritt? Do sinn awer och Leit, déi net méi schaffe ginn.

Dofir verstinn ech net, firwat déi Opreegung. Dat Argument kann ech net ziele looszen. A wat geschitt, wann d'Vullegripp optaucht? Wou ass déi dann higaang?

### (Hilarité)

Et kéint jo alles méiglech sinn, Dir Dammen an Dir Hären. Hei schéngt mer iergendwéi vill ze wäit iwwert d'Zil geschoss ginn ze sinn.

Op där anerer Säit sinn ech net mat der Politik vun eiser Santé zefridden. Firwat? Sot mir wann ech gelift, wat ass den Ënnerscheed, wann ech net därer an d'Hand néizen, mä an den lelebou. Et si ganz genau 35 Zentimeter, wann ech mech net iren.